CSV
FRAKTIOUN

Monsieur Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
12 FEV. 2020
1854

Luxembourg, le 11 février 2020

Här President,

Esou wéi d' Chambersreglement et vigesäit, bieden ech iech, des parlamentaresch Fro un den Här Educatiounsminister an un den Här Wirtschaftsminister weiderzeleeden.

An Dänemark soll de Kaf vu kanneränleche Sexpoppen verbueden an ënner Strof gesat ginn. Dat gouf elo rezent vun der Regierung decidéiert. Den Hannergrond vun dëser Entscheedung wier eng nei Bewäertung vum dänesche Kannerschutzverband "Save the Child". Den entscheedende Faktor war d'Genesis vun de Poppen, déi ëmmer méi echt ausgesinn; D' Sexualiséierung vun esou kanneränleche Poppe ass kaum ze iwwersinn an et besteet de Risiko datt de sexuelle Mëssbrauch u richtege Kanner heiduerch gestäerkt gëtt. Laut Informatiounen huet de Verkaf an Dänemark vun dëse Poppen an der Läscht staark zougeholl.

An dësem Kontext wëll ech de Ministeren folgend Froen stellen:

- Huet d'Regierung Zuelen iwwer de Verkaf vun esou Poppen hei zu Lëtzebuerg?
- Wei eng Positioun huet d´Regierung zu dëser Problematik, wëssend datt de Verkaf vu kanneränleche Sexpoppen e falsche Message un eis Gesellschaft ass?
- Wëll d'Regierung et der dänescher Initiativ gläich maachen an den Import an de Verkaf vun esou Poppen verbidden?
- Wa net, wat sinn d'Grënn dofir?

Mat déiwem Respekt,

Nancy Arendt

Deputéierten

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 1854 vun der honorabeler Madame Deputéiert Nancy Arendt**

Poppen, déi eng erwuesse Persoun duerstellen a vun Erwuessene kaaft gi fir hire sexuelle Driff ze befriddegen, gëtt et schonns laang. Souwuel de Kaf ewéi d'Benotze vun dëse Poppen ass net illegal, well se eng sexuell Aktivitéit simuléieren, déi mat engem erwuessene Partner normal wier.

Neierdéngs ginn awer am Handel Poppen ugebueden, déi vun der Gréisst hier, vun de Kierperproportiounen hier a vum Gewiicht hier, Kanner imitéieren.

**Ad 1)**

Zuelen iwwert de Verkaf vun esou Poppen leien dem Educatiounsministère net vir.

**Ad 2)**

Wéi d'honorabel Deputéiert treffend bemierkt, si kanneränlech Poppen, mat deenen de Geschlechtsverkéier ka simuléiert ginn, e falsche Message un d'Gesellschaft. Doriwwer eraus gesäit den Artikel 384 vum Code Pénal Follgendes vir: "*Sera puni d'un emprisonnement d'un mois à trois ans et d'une amende de 251 à 50.000 euros, quiconque aura sciemment acquis, détenu ou consulté des écrits, imprimés, images, photographies, films ou* ***autres objets*** *à caractère pornographique impliquant ou présentant des mineurs.*" Dëst kann esou interpretéiert ginn, datt d'Uschafung an de Besëtz vu Poppen, déi Mannerjäreger duerstellen an déi fir sexuell Aktivitéite geduecht sinn, strofbar sinn.

**Ad 3) a 4)**

Zu de Froen 3 a 4 kann den Educatiounsministère keng Aussoe maachen. Grondsätzlech ënnerstëtze mir als Signataire vun der UN-Kannerrechtskonventioun de Schutz an d'Rechter vum Kand.